N°834
Entrée le 31.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.06.2024

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Den 10. Mee huet e sécherheetsteschnechen Têschefall um Findel 10 Fluchausfäll an 43 Verspéidungen ausgeléist. Ursaach war eng Pann bei de Metalldetektoren, entspriechend läit d'Verantwortung bei der Luxairport als Bedreiwer vum Findel. Eenzegen Aktionär ass mat 100 Prozent de Lëtzebuerger Staat. Den 22. Mee huet d'Firma op enger Pressekonferenz allerdéngs erkläert, déi betraffe Passagéier sollte fir d'éischt hir entspriechend Fluchgesellschaft fir eng Entschiedegung usichen, déi se dann duerno vu Luxairport géife rembourséiert kréien. Ausgerechent d'Luxair, un där de Staat direkt mat 39 Prozent bedeelegt ass an iwwert d'Participatioun vun der Spuerkeess esou guer als Majoritéitsaktionär, refuséiert awer lo kategoresch fir, fir Luxairport a Virleeschtung ze goen. Esou wéi et am RTL-Artikel "*Wie muss fir de Chaos um Findel blechen*?" vum 29. Mee heescht, géif deene betraffene Passagéier näischt anescht iwwereg bleiwen, wéi Luxairport viru Geriicht unzesichen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi ass déi Decisioun vu Luxairport begrënnt, fir déi betraffe Passagéier net direkt mee nëmmen iwwert den Ëmwee vun de Fluchgesellschaften ze entschiedegen?
2) Gesäit d'Madamm Minister vir, fir hei ze intervenéieren a sämtlech Acteuren un een Dësch ze bréngen, fir, datt déi betraffe Passagéier elo endlech séier, onbürokratesch an ugemoossen entschiedegt ginn? Falls net, firwat net?
3) Wéi wëll d'Madamm Minister dem internationalen Imageschued begéinen, deen dem Fluchhafe Lëtzebuerg duerch dës Affär schonn entstanen ass an deen nach vill méi grouss wäert ginn, falls d'Fro vun der zivilrechtlecher Responsabilitéit weiderhin esou vag bleift?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N°834
Entrée le 24.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madame Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlementaresch Fro N°834 vum honorablen Deputéierten Jeff Engelen**

1) Wéi ass déi Decisioun vu Luxairport begrënnt, fir déi betraffe Passagéier net direkt mee nëmmen iwwert den Ëmwee vun de Fluchgesellschaften ze entschiedegen?

Deen eenzege Kontrakt dee besteet, ass deen zwëschent der Airline an dem Passagéier. Fir sécherzestellen, dass eventuell Reklamatioune vu Passagéier beaarbecht kënne ginn, a fir déi eenzel Spezifizitéite vun dëse Reklamatioune besser ze berücksichtegen, bleiwen also d'Fluchgesellschaften de richtegen Uspriechpartner well si all déi néideg Donnéeë vun de Passagéier hunn. Op jidder Fall, kooperéiert lux-Airport mat all den concernéierten Fluchgesellschaften.

2) Gesäit d'Madamm Minister vir, fir hei ze intervenéieren a sämtlech Acteuren un een Dësch ze bréngen, fir, datt déi betraffe Passagéier elo endlech séier, onbürokratesch an ugemoossen entschiedegt ginn? Falls net, firwat net?

Dat ass scho geschitt, lux-Airport an d'Fluchgesellschafte kooperéieren fir eng organiséiert Veraarbechtung an de Suivi vu Reklamatioune vu Passagéier ze garantéieren.

3) Wéi wëll d'Madamm Minister dem internationalen Imageschued begéinen, deen dem Fluchhafe Lëtzebuerg duerch dës Affär schonn entstanen ass an deen nach vill méi grouss wäert ginn, falls d'Fro vun der zivilrechtlecher Responsabilitéit weiderhin esou vag bleift?

Vergläichbar Tëschefäll si schonn op anere Fluchhäfen virkomm.

Déi éischt Prioritéit ass an all Situatioun d'Sécherheet vun de Passagéier a vum Fluchhafen ze garantéieren. Dëst ass esou séier wéi méiglech erreecht ginn duerch déi gemeinsam Efforte vun der Police, der Douane, dem Fluchhafebedreiwer, dem Ground Handling Agent, de Fluggesellschaften, an dem Air Traffic Control. Domat demonstréiert Lëtzebuerg, dass mer kapabel sinn, op esou Tëschefäll ze reagéieren.

D'Fro vun der zivilrechtlecher Responsabilitéit brauch eng Analyse au cas par cas fir all Passagéier.

Lëtzebuerg, den 24. Juni 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes